

All Guddes!

Haut, genee op den Dag vun eiser KLACK, geet eisen neie Grand-Duc Guillaume mat senger léiwer Madame 'op den Tour'. **Mir vergiessen eise Merci fir säi Papp a seng Mamm an och hir Sympathie fir eis SPROOCH net, a wënschen hinnen eng verdéngt, gesond a gemittleche Penssioun.**

Dem neie Grand-Duc wënsche mir eng gutt Hand, heiheim an uechter d'Welt, eng Missioun, vun deer seng/eis Heemecht profitéiere soll.

Eiser revidéierter Verfassung no, ass d'Vollek mat senger gewielte Verrieder de 'Souverän', deen eis Gesetzter mécht an ëmsetzt; déi Souveränitéit gëtt vum Grand-Duc vertrauden. Domat si **mir eng CONSTITUTIONNELL Monarchie!**

Datt dat beileiwen net ëmmer sou war, hunn talentéiert Historiker a leschter Zäit an der Press auserneedin, wat jo och dee gudden an dichtege Gilbert Trausch vru Joer an Dag an senger genëssege Publikatioun gemaach huet.

Bis iwwer d'Halschent vum 19. Joerhonnert war Lëtzebuerg zesoen **eng perséinlech 'Auerkettche' vum hollänneschen Oranien-Nassauer-Kinneke**, déi e kritt hat, well en um Wiener Kongress vum 1815 e puer Këppercher Land 'déi aner Säit' hat missen hiergin; 'Groussherzog' guff hie fir zu Frankfurt eng méi wichteg Roll nieft de sëllege klengen 'Herzögelche' wollt spillen. Hien huet sech, grad wéi



säi Jong (vum Knuedler) an den 3. Wëllem hei duerch e 'Stathouder' verriede gelooss, vun deenen de leschte säi Brudder, de 'gudde Pränz Hary' war (der Amalia aus dem Park hire Mann) ... bis de Grand-Duché 1890 op en 'anert Gleis' gefuer ass, well kee männlechen Nofolger méi bei den Oranier war: d'Resultat vun engem Nassau-Familjepakt vu 1783. No deem konnt déi nei hollännesch Kinnigin Wilhelmina net Grande-Duchesse vu Lëtzebuerg ginn; dat guff dunn den Nassau-Weilburger Adolphe vun der eeleren Nassau-Branche, also den 'Ur-Häerche' vun eiser lëtzebuurger Dynastie vun haut. **Hei vläicht net onwichtig: Lëtzebuerg huet ni zu Holland gehéiert!** Och net ze vergiessen, datt duerch de Mann vun der Grande-Duchesse Charlotte, de Pränz Felix, eis Dynastie och déi wäitleefeg **Bourbon-Famill** am Wopen huet, déi am Frankräich grad wéi a Spuenien eng

wichteg Roll gespillt an och nach huet; duerch dem Grand-Duc Jean seng Fra Joséphine-Charlotte ass d'Haus Lëtzebuerg dann **nach mat enger anerer wichtiger Adelsfamill verbonnen**: Sachsen-Coburg, vun deer aus et och eng Relatioun zu den 'Hannoveraner' gëtt ... zugudderlescht, de Fong vun der englescher Kinneksfamill.

Et ass vläicht **net grad 'vu Muttwëll', wann een dat hei bei der Geleeënheet vum Thronwiesesel op den neie Grand-Duc Guillaume an dëse kuerze Sätz explizéiert**. Déi lescht 200 Joer vun eiser Geschicht sinn esou intressant a wichteg, datt si am Fong – a bei allem héige Respekt fir d'Griechen, d'Réimer, de fréien a spéide Mëttelalter – op déi éischte Plaz vun eise Geschichtsunterricht gehéiere giffen.

Dann natierlech nach **d'Fro: Wiere mir net besser eng REPUBLIK, mat periodeweis engem (politesche!) President?** Déi Fro ass an eise fräie Land ee Gléck jidderengem erlaabt. Och e Referendum giff passen ... mä si mir dann an de leschten honnert a méi Joeren net gutt sou 'gefuert'? Eng besser Hand wéi déi vun eiser léiwer Grande-Duchesse Charlotte, hirem gudde Jong Jean an hirem feinen Enkel Henri konnten a kënne mir äis jo knapps virstellen; dëselwecht wënsche mir dann eise neie Grand-Duc Guillaume!

vum Lex Roth



Alt nach erëm ... EISES!

Datt mir zevill liicht(-fank) mam 'Nascht' vum Lëtzebuergesch en ginn, ass ewell dacks hei gesot/geschriwwen/geknaddert ginn. Si ass **glat net esou 'german' wéi ouni weider ze iwwerleeë behaupt gëtt; 'germanesch' ass net däitsch**, op Englesch iwrengs 'germanic'. D'Sprooch deer 'anerer Säit' gehéiert grad ewéi d'Nidderlännescht an déi skandinavesch Idiomen an de germaneschen Eck. Eis och, a basta! Dat wëlle mir mat kéipweise praktesche Beispiller ënnersträichen, déi e sougenannten 'Aha-Effekt' erauskëddelen ... mat eiser praktescher ... Wëssenschaft.

Mir ginn äis fir d'Baschten net – Mir halen äis drun, wéi... – Deen ass tockskäppeg – Mir sinn net bretzeg, just vermengte Bretzerten – Gëff dech dach mat deem Gedéngels/Fiederméichels – Hal elo op, soss gëtt et eng – Ech gladderer no enger Hamenheiss – Gëff mir e Knätschgummi – e gudde Maufel ass eng Schlabäizi – Maach dech net esou – Eiercher mat Moschterzos hunn ech apaart gär – gefoxte Bippercher si gutt kréckeleg – déi aner Kéier schécke mir äis besser – an elo hale mir fir dës Kéier op. ☺

ginn, datt eis Sprooch sech net brauch schimmeg ze verfuussen, wéi dës zwee lescht Wieder et jo och illustréieren.

Fir d'Lëtzebuergesch ass et vrun allem emol 'gesond', wa mir äis bewosst maachen, **wat fir en eegent Liewen eis 'butzeg' Sprooch dach ower féiert** ... dat bei enger linguistescher Situatioun, déi et esou bestëmmt nëmmen eemol op der Welt gëtt ... a fir déi der e sëllege äis beneiden; et sief, si kucken eis Sproochlandschaft quesch. Dobäi ginn et der och **nach yett ënnert äis selwer, déi knadderen**, doduerch kënnt mir jo keng aner Sprooch 'eierbar'. Schwätzt/schreift da 'jännymänni' Däitschen elo Däitsch à la Thomas Mann, all Fransous Camus-Franséisch, jidder Engländer 'Etonian'? Hei d'Antwort op genëssegt pur Lëtzebuergesch: *A wann s de net gees!*



Eng Flupp – eng Schlupp (2 x !) – e Stupp – e Rupp – e Wupp – e Mupp – eng Supp – eng Strupp – eng Kuck – eng wéi Schléck – e fatzege Roff – leefegt Gebess – schudderegt Gefréiss – rëffge Knouterer.

Natierlech ginn et och däitsch, franséisch an englesch Wieder fir déi 100% lëtzebuergesch Ausdréck, mä **hei soll just gewise**

Dat kennen ech net!

Loosst mer emol e puer lëtzebuergesch Ausdréck huelen, **déi net iwwerall am Land gebraucht oder verstane ginn** ... esou wéi et der kéipweis anerwäerts am Duden, dem Larousse oder dem Harraps der Dausenden net 'am Gebrauch' sinn: STRUCKEN – STITZERCHER – SCHNA/SCHNUFF – deen ass SCHAUTEN – KLATZKAPP – SCHNUDELER ...

Esou butzeg wéi eist Land dann ass, mir hu vum Minett bis an d'Éislek, vun der Muesel bis op Réiden **eng ganz Schwadrull Ausdréck, wou sech net oder knapps verstane gëtt**; dat schwätzt net géint eis

Sprooch, éischter, datt si méi an d'Breet geet wéi dacks gemengt gëtt.

'Strucken', dat ass déi lieder 'Beenbekleidung', déi Cantonniere oder Militär unhaten; 'Stitzercher' si 'Socken', a 'schauten' heescht 'net grad liwwereg' ... huet dir net kann? Mä dir gebraucht och bestëmmt **Wieder, déi kee kennt, deen net aus ärer Géigend ass**; dacks sicht dir se och ëmsoss am Dictionnaire ... dann ass do nun emol e 'Lach', a fir dat kënnt dir iech beim offiziellen **'Zenter fir d'Lëtzebuergesch (ZLS)'** melden, wou sech professionnell ëm déi Saach bekëmmert gëtt.

Schreift dach ...

Clotûre/net Klotür
Garage/net Garaasch
Tournevis/net Turnewiss
Dragée/net Drajee
trottoir/net Trottuar
Pavé/net Pawee
Boulevard/net Bullwar
Avenue/net Awenü

a wat et deer esou wéi an hirem Original méiglechst exakt ausgeschwate Wieder maandelweis gëtt. Do solle mir pädagogesch/schoulméisseg denken ... an d'Kanner net wibbelbänzeg maachen. Datselwecht gëllt fir däitsch oder englesch Wieder.

